

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Minister fir Kooperatioun weiderzeleeden.

Ëmmer nees geréit d'Entwécklungshëllef fir déi palästinensesch Gebidder an d'Kritik. Rezent ass den dréngende Verdacht opkomm, datt Hëllefsgelder entweder direkt oder indirekt, iwwer e Fong, dozou benotzt ginn fir Terroristen an hire Familljen Suen auszebezuelen. Och am Zëssammenhank vum Tunnelbau an der Gaza-Sträif goufen et däitlech Hiweiser, datt wahrscheinlech Suen aus der Entwécklungshëllef fir terroristesch Zwecker méissbraucht gi sinn. Aktuell géingen och keng Zuelen iwwer auslännesch Entwécklungshëllef an hir Verwendungszwecker méi vun der Palästinensescher Autoritéit publizéiert ginn.

Et ass och interessant feststellen, datt déi palästinensesch Gebidder weltwäit déi Regioun sinn, déi pro Kapp vun der Populatioun am meeschten Entwécklungshëllef kritt.

Dowéinst wollt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich war iwwer déi lescht 10 Joer a bis 2015 mat, wou bis elo nach keng offiziell Zuele virleien, d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef fir déi palästinensesch Gebidder, z.B. iwwer d'UNRWA a wéi eng Plaz huet Lëtzebuerg domat op der „Donors“-Lëscht ageholl? Wéi héich wor d'Entwécklungshëllef fir déi palästinensesch Gebidder, déi eventuell nach iwwer aner UNO-Agencen, international Organisatiounen respektiv europäesch Institutiounen an déi palästinensesch Gebidder gefloss sinn? Wéi wichteg ass Lëtzebuerg domat an absoluten an a relativen Zuelen als Donateur fir déi palästinensesch Gebidder?
2. Sinn och nach op anere Weeër iwwer dee nämmlechten Zäitraum Suen fir d'Entwécklung vun de palästinensesche Gebidder gefloss, z.B. direkt un déi Palästinensesch Autoritéit oder direkt un palästinensesch Organisatiounen och vu privater Natur? A wéi enger Form a wéi héich woren déi Hëllef (z.B. bilateral Hëllef, staatlech Prêten oder Garantien oder Hëllef fir ONGen déi an deene palästinensesche Gebidder aktiv sinn)?

3. Sinn och nach Projeten, déi net als Entwécklungshëllef gezielt gi sinn, iwwer dee nämmlechten Zäitraum mat der Palästinensescher Autoritéit oder op palästinensesche Gebidder gemaach ginn?
4. Kënnen déi Häre Ministeren d'Héicht an d'Evolutioun vun dësen Zuelen kommentéieren? Wéi en Undeel hunn déi palästinensesch Gebidder um Gesamtbudget vun der Lëtzebuurger Entwécklungshëllef?
5. Gesinn déi Häre Ministeren an der internationaler Hëllef eng Diskrepanz tëscht de palästinensesche Gebidder an aneren Empfänger, deenen hire Bruttosozialprodukt nach méi niddreg ass an déi pro Awunner vill manner Hëllef kréien wéi déi palästinensesch Gebidder?
6. Wéi kontrolléiert Lëtzebuerg, datt déi Suen, déi an d'Entwécklungshëllef ginn, och wierklech fir sënnvoll Projeten agesat ginn an net am terroristeschen Ëmfeld landen?
7. Wéi geet d'Lëtzebuurger Regierung mat der Tatsaach em, datt an der palästinensescher Eenheitsregierung mat der Hamas eng international als terroristesch aklasséiert Organisatioun sëtzt, déi mat iwwer de Gebrauch vun der Entwécklungshëllef decidéiert?
8. Wéi kontrolléieren d'Lëtzebuurger Regierung oder d'UNWRA oder aner concernéiert Partnerorganisatiounen, datt keng Suen aus Lëtzebuerg an terroristesch Infrastrukturen, wéi z.B. Waffentunnelen, oder direkt a Waffen investéiert ginn? Wat fir Garantien, datt déi Entwécklungsgelder all fir friddlech Zwecker agesat ginn, hunn Lëtzebuerg oder déi international Hëllefsgenturen gefuerdert a wat fir Garantien hu si effektiv kritt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten